ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 4787
Reçue le 02.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.08.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3760 huet d'Regierung geäntwert, datt Lëtzebuerg an deenen nächste Joren eng Enveloppe vun 200 Milliounen Euro fir Klimaentwécklungshëllef wëll bereet stellen. Wéi am Artikel "*Anpassung und Abschwächung*" dee rezent am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, zu deem Theema ze liese war, ass dës Enveloppe fir d'Beneficiairen un eng Rei Konditioune gebonnen. Sou dierfen déi betraffe Länner weeder op Atomstroum nach op genmanipuléiert Saatgut zeréckgräifen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Ginn déi 200 Milliounen Euro op den Undeel vun de Lëtzebuerger Ausgabe fir Kooperatiounshëllef um Bruttoinlandsprodukt mat ugerechent?
2) Gesäit d'Regierung an hiren Ausschlosskrittären en Negativureiz deen déi betraffe Länner kéint dozou verleeden, net genuch an dréngend benéidegt Technologien ze investéieren? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 11 octobre 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4787 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4787 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung Carole Dieschbourg a vum Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten Franz Fayot op d'parlamentaresch Fro n°4787 vum 2. August 2021 vum éierewäerten Députéierten Här Fred Keup**

***1) Ginn déi 200 Milliounen Euro op den Undeel vun de Lëtzebuerger Ausgabe fir Kooperatiounshëllef um Bruttoinlandsprodukt mat ugerechent?***

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3760 präziséiert, gëtt déi finanziell Enveloppe vun insgesamt 200 Milliounen fir d'Joren 2021 bis 2025 zousätzlech zu de Gelder fir Entwécklungshëllef zur Verfügung gestallt. Déi 200 Milliounen Euro gi soumat net op den Undeel vun de Lëtzebuerger Ausgabe fir Kooperatiounshëllef um Bruttoinlandprodukt mat ugerechent.

***2) Gesäit d'Regierung an hiren Ausschlosskrittären en Negativureiz deen déi betraffe Länner kéint dozou verleeden, net genuch an dréngend benéidegt Technologien ze investéieren? Wann net, firwat net?***

D'Regierung ass der Meenung datt dës Ausschlosskrittären, déi am Detail op de Säiten 27 an 28 vun der neier Strategie betreffend der Attributioun vum "Financement climatique international" (FCI) duergeluecht sinn, absolut keen Negativureiz, sou wéi vum éierewäerten Députéierten Här Fred Keup beschriwwen, duerstellen. Och an den Entwécklungslänner suergt nëmmen eng Klimapolitik, déi vu vireran sozial ongerecht an net nohalteg Praktiken a Moossnamen ausschléisst, fir déi néideg Akzeptanz an Investissementer déi fir en erfollegräiche Klimaschutz onverzichtbar sinn.